# Infoblat N°10/2022

Februar/février2022

bigs@pt.lu www.bigslu.net

CCPL IBAN LU78 1111 1984 6095 0000

**BIGS**

**Biergerinitiativ Gemeng Suessem asbl**

RCS F1763 siège social: 5, rue de Limpach L-4986 SANEM

**association agréée dans la protection de la nature**

## BIGS Verwaltungsrotsmemberen




*Marc Haas, Sandra Kipchen, Monique Schumann, Marco Goelhausen, Lis Leonte, Myriam Cecchetti, Frédérique Somogyi, Patrizia Arendt, Jos Mathieu.*

**An dëser Nummer:**

**Biergerkommitee 2050 fuerdert e Moratoire fir Contournements duerch Natura-Zonen!**

**Weider Themen:**

**Ofholzung am Bobësch**
**Infos aus der Gemeng**
**En Häerz fir de Bësch 2022**

## SAVE THE DATES !

**Samschdes 19. Mäerz**
11:00 **BOTZAKTIOUN am BOBËSCH**

**Donneschdes 24.Mäerz**
19:00 **Assemblée générale ordinaire**

**Mëttwochs 20. Abrëll**
19:00 **20e ANNIVERSAIRE BIGS ARTIKUSS**

**BIGS**

**Biergerinitiativ Gemeng Suessem asbl**

RCS F1763 siège social: 5, rue de Limpach L-4986 SANEM

**association agréée dans la protection de la nature**

*bigs@pt.lu*
*www.bigslu.net*

**2022**

**MEMBRE**
**DONATEUR/TRICE**

**carte membre 10 €**

**solidarité**

#fir de besch

**Collecte de fonds**
pour financer le **RECOURS**
pour la **préservation** de la
**ZONE-NATURA-2000**

**Zäemerbësch/Bobësch**

**CCPL IBAN LU78 1111 1984 6095 0000**

De Projet «Contournement vu Bascharage» muss nach vum Ëmweltministère autoriséiert ginn. An déi Autorisatioun, op déi mer waarden, ass ufechtbar well de Projet géint eng Partie Naturschutzbestëmmunge verstéisst. D'BIGS wäert alles maachen fir dee Projet ze verhënneren an de Bobësch an d'Natura-2000 Zone ze retten! De Schutz vun eisen ale Bëscher ass och noutwenneg fir den CO2 ze reduzéieren an eis Klimaziler z'ereechen. Hëlleft eis! Gidd Deel vum Widderstand! Sidd solidaresch! Zesumme si mer méi staark! Zesumme kréie mer deen desastréise Bauprojet gestoppt! Eis Kanner a Kandskanner wäerten eis dofir MERCI soen!

Gidd Membre donateur / donatrice !










## D'Ofholzungen am Bobësch...

ufanks Januar ware geneemegt. Wéi d'BIGS den 8. Januar dëst Joer hier Aktioun mat de Banderole hat, hu mir net schlecht gestaunt, wéi mer gesinn hunn, dass am Bobësch eng Partie Beem ëmgehaen goufen. Mir hunn direkt eis fachkënneg Kolleegen vun Natur&Ëmwelt an vum Mouvement écologique informéiert, a si mat hinnen op d'Plaz kucke gaangen.

Vun Oktober bis Februar ass et am Prinzip erlaabt Beem emzehaen, dat muss mam jeeweilegen Fierschter ofgeschwat ginn. Déi Beem, déi däerfen gefällt ginn, ginn da markéiert. Sou och am schützenswäerten Bobësch - leider!

An der Forstpraxis gi Beem emgeluecht, engersäits fir Holz notzen ze kënnen, anerersäits wa se wäertvoll Stämm bedrängen, respektiv jonke Bamgeneratioune d'Luucht huelen. Al an och ofstierwend Beem sollten am Bësch bleiwen, well si wichteg fir vill Liewewiesen sinn, ausser, si sténgen no bei engem Wee a wieren eng Gefor fir Spadséiergänger. Dest war bei 2 vun 3 gehaene Beem net de Fall, si hätte misse geschützt ginn, besonnesch dramatesch ass d'Fällung vun der décker Eech mat enger Beienkolonie. D'Forstverwaltung gouf informéiert.

De Bobësch ass en eenzegaartege Biotop an Heemecht vun enger ganzer Retsch bedroter Déierenaarten wéi Fliedermais, Eilen, Spiechten, Wëllbeien. Bei dëser Ofholzung ass zimmlech rabiat gewuddert a «gewëlldert» ginn. Männer, déi Holz geschnidden hunn (mat der Autorisatioun vum Fierschter) hu gemengt «Wann de Contournement kennt, kennt souwisou alles fort hei»!

Et ass also eminent wichteg, sech weider fir d'Erhalen vum Bobësch an déi bis elo nach bestoend Biodiversitéit mat alle Mëttelen anzesetzen.

Hëlleft eis de Bobësch ze retten! Sidd solidaresch! Gidd Deel vum Widderstand!

**Liest och heizou de Communiqué vum Mouvement écologique!**
*https://www.facebook.com/mouvement.ecologique/photos/a.1527472634152594/3160217994211375*

# Fir de Bësch! Kee Contournement!




**Collecte de fonds**
pour financer le **RECOURS**
pour **préserver** la
**ZONE NATURA 2000**
**Zämerbësch/Bobësch**

#fir de bësch

**CCPL IBAN LU78 1111 1984 6095 0000**

## Interview mat engem Member aus dem Biergerkomitee 2050

**Am Juni 2020 huet déi international städtebaulech-architektonesch an landwirtschaftlech Consultatioun „Luxembourg in Transition" (LIT) ugefaange. Zil war et, Zenarien ze entwéckelen, déi dozou bäidroe sollen eng Landesplanung ze entwéckelen fir dass Lëtzebuerg 2050 klimaneutral kéint sinn.**

***«Eng interessant Erfarung an en beispillhaften participativen Prozess vun ko-kreativer Demokratie»* – sou den Minister fir Energie a Raumentwécklung, Claude Turmes.**

**Den Marco Denis, Awunner aus Suessem, ass e vun deenen 30 Bierger gewiescht, deen de ganze Prozess matgemaach huet. Hien war esou frëndlech an huet eis e puer Froen beäntwert.**

**BIGS**: *Kennt Dir eis kuerz beschreiwen, wéi et zur Auswiel vun den 30 Biergerinnen a Bierger komm ass an erläuteren wéi dir iech getraff an diskutéiert hutt? Wat war är perséinlech Motivatioun hei matzemaachen?*

25 Awunner.innen a 5 Matbierger.innen aus der Grenzregioun goufen no engem ëffentlechen Opruff **vun der TNS-ILRES ausgewielt**. Am éischten Hallefjoer goufen, pandemiebedingt, 12 digital Konferenzen mat Expert.innen organiséiert. Am zweeten Hallefjoer hu sech dann d'Bierger.innen e puer Mol am „Sang a Klang" am Pafendall getraff fir kontrovers iwwert d'Themen ze debattéieren.

**Meng perséinlech Motivatioun** fir am Biergerkomitee matzemaachen erkläert sech aus der Suerg ëm **mäin Ëmfeld** an deem ech liewen eraus (**Loft- verschmotzung, Kaméidi**) an aus der offensichtlecher Feststellung, dass alles aus dem Bléckwénkel vun infrastruktureller an industrieller „Verwäertbarkeet" betruecht gëtt.

**BIGS**: *Wat waren d'Schwieregkeeten a wat waren d'Stäerkten vun esou engem laangen Prozess? Dir hutt 1 Joer am Ganzen zesummen geschafft. Wéi hu dir iech perséinlech preparéiert?*

Schwiereg war sécherlech am **Ufank** den Ëmstand, dass mer eis duerch d'Pandemie nëmmen **digital** konnten ënnerhalen. De **spéideren, konstruktiven a gruppendynamesche Prozess** war awer eng Stäerkt, an dat gesäit een och um inhaltsstaarken Dokument dat zum Schluss erauskomm ass.

Ech hat e puer Bicher vum *Jeremy Rifkin** gelies an hu kritesch an gutt recherchéiert Artikelen zum Thema am *Lëtzebuerger Land* an bei *Reporter.lu* dozou gelies.

**BIGS**: *Wat fir 3 Fuerderungen aus deene 44 sinn an ären Aen déi wichtegst an drengendst?*

Mir mussen onbedéngt **ophalen eis Landschaft weider ze zerschneiden an ze fragmentéieren.** Dozou gehéiert **en direkten Moratoire vum Bau vu Contournements** – déi däerfen net duerch déi fräi Natur bzw. geschützten Natura-2000-Gebidder geplangt ginn. Mir brauchen eis al Bëscher, well si grouss Quantitéiten vun $CO_2$ späicheren. Et misst een d'Naturgebidder an d'Natura-2000-Gebidder konsequent an effektiv schützen a weider ausbauen. **D'Natur erhalen a net kompenséieren!**

*(weider op Säit 4)*






**44** EMPFEHLUNGEN FÜR EIN KLIMANEUTRALES TERRITORIUM

***"Die Fragmentierung der Landschaft muss unbedingt gestoppt werden. Dazu gehört auch ein sofortiges Moratorium für Umgehungsstraßen, die wenn überhaupt nahe an den Ortschaften und nicht in der freien Natur bzw. in Natura2000-Gebieten geplant werden dürfen".***

***(Punkt 7, S.14)***

*D'Broschür, déi an däitscher an a franséischer Sprooch eraus komm ass, kann een op folgender Adresse eroflueden: www.luxembourgintransition.lu*

*(suite vu Säit 3)*

**Komplettversigelung vun de Biedem soll grondsätzlech vermidden ginn** – mir brauchen dringend en ëmfaassend Buedemschutzgesetz.
Mir brauchen **eng nohalteg Landwirtschaft déi d'Biodiversitéit schützt a net zerstéiert**.
Déi aktuell ressourcenintensiv a wuestumsorientéiert **Wirtschaftspolitik** hei zu Lëtzebuerg muss virum Hannergrond vu **Klimakris a Klimawandel** gebremst ginn. D'Fro vun der Rentenfinanzéierung däerf net éiweg als Grond geholl ginn, fir een net zukunftsfäegen Wirtschaftsmodell oprecht ze erhalen an ze verdeedegen. Alternativzenarien mussen entwéckelt an diskutéiert ginn!

**BIGS**: *Wéi geet et weider – aus dem Biergerkomitee 2050 ass elo de Klima-Biergerrot entstanen?*

**An dräi Méint** wäert den Energie- an Raumplanungsminister **Claude Turmes** eng Versammlung aberuffen, wou d'Bierger.innen da matgedeelt kréien, **wat fir eng vun deenen 44 Recommandatiounen zréckbehale goufen** an an de neien **„*Programme directeur de l'aménagement du territoire*"** iwwerholl ginn.
D'Zilsetzung vum Klima-Biergerrot ass eng aner wéi déi vum Biergerkomitee 2050. **Am Klima-Biergerrot geet et virun allem ëm d'Fro, ob Lëtzebuerg am Kampf géint de Klimawandel e Schratt méi wäit soll goen, wéi déi aktuell decidéiert Moossname vun der Regierung.** Et war ausgeschloss, dass d'Bierger.innen aus dem Biergerkomitee 2050 och Member am Klima-Biergerrot kéinte ginn.

D'**Transitioun** zu enger klimaneutraler Gesellschaft ass virun allem e **gesellschaftleche Prozess** an dofir wier et nëmmen richteg a wichteg och um kommunale Plang d'Bierger.innen anzebezéien. Ech géing et esouguer gutt fannen, wann et **an de Gemengen e permanente Biergerrot** géing ginn, deem seng Iddien a Meenungen an déi kommunal Aarbecht mat afléisse géinge. Ob esou en participative Prozess erwënscht ass, hänkt natierlech vum politesche Wëllen of.

**BIGS**: *villmools Merci Marco Denis fir den Interview!*

**De Jeremy Rifkin ass en US-amerikaneschen Ekonomist, Publizist a Grënner a Virsëtzende vu der „Foundation on Economic Trends". 2016 hat hien fir d'Lëtzebuerger Regierung (Wirtschaftsminister war deemools den Etienne Schneider) en Strategiepabeier ausgeschafft "La troisième Révolution industrielle" wou et ënnert anerem och ëm d'Digitaliséierung, de Verbrauch vun den natierlechen Ressourcesen an alternativ Wirtschaftsmodeller gaangen ass.*

*Eng kritesch Ausernanersetzung mam Rifkin-Bericht vum Mouvement écologique fannt dir ënnert https://www.meco.lu/wp-content/uploads/2018/02/nachhaltige-Wirtschaftspolitik_HP.pdf*

**APPELL fir e MORATOIRE vum Bau vum CONTOURNEMENT vu Käerjeng Ënnerschreiwen weg !**

**Sidd solidarësch an Deel vum Widderstand! #firdebesch #keeContournement!**

**http://chng.it/72BpsnYL**




## Aarbechtsgrupp «Pacte pour la Nature» gegrënnt

Am leschten Infoblat hate mer iwwert de «Pacte de la Nature» informéiert, deen eestëmmeg vum Gemengerot ugeholl gi war. Elo ass um Gemengenniveau en Aarbechtsgrupp gegrënnt, ginn wou all Partei déi am Gemengerot vertrueden ass e Vertrieder oder eng Vertriederin melle konnt. Do dernieft sinn awer och fachkënneg Bierger oder Biergerinnen opgeruff aktiv hei matzeschaffen. Et deet sech also eppes! Affaire à suivre!

## CAFÉ DES LANGUES

D'Integratiounskommissioun vun der Gemeng offréiert eng nei cool Aktivitéit fir Matbierger.innen déi eng nei Sprooch wëlle kenneléieren. Am «Café des Langues» kann een sech eemol am Mount - den Dag ass ëmmer mëttwochs - mat Leit treffen. Als Benevole fir selwer enger Demande nozekommen oder als «Léierinteresséierten» fir eng nei Sprooch ze léieren. Eng flott Geleeënheet Leit kennenzeléieren an sech auszetauschen! Eng sënnvoll a participativ Initiativ vun eiser Gemeng!
www.suessem.lu

**@bigs_asbl**
**www.bigslu.net bigs@pt.lu**





Huelt iech en Häerz!

# En Häerz fir de Bësch!

**bigs@pt.lu**

Virnumm
Hand
oder
Häerz

**10 €**





